LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 16 MAI 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
16 MAI 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°586 du 1er avril 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le chantier sur la collectrice de Pétange, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 586 vum 1. Abrëll 2019 vum honorablen Deputéierte Marc Goergen

A senger parlamentarescher Ufro wollt den Här Deputéierte Marc Goergen sech iwwert de Schantjen op der Collectrice du Sud N31 zu Péiteng informéieren.

Et ass richteg datt dëse Streckenofschnëtt a mäin Zoustännegkeetsberäich fält, den Optraggeber vum concernéierte Schantjen op der Collectrice vu Péiteng ass awer de Gemengesyndikat „Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement du bassin de la Chiers (SIACH)".

Op dësem Streckenofschnëtt gëtt eng Adaptatioun vun engem Reewaasserbaseng zu Péiteng an der Rue de la Piscine gemaach (→ genee Bezeechnung vum Projet: „Adaptation d'un bassin d'orage respectivement adaptation d'un déversoir Rue de la Piscine").

Dëse Baseng gëtt un d'Kuer (Chiers) ugeschloss, esoudatt op enger Déift tëscht 5 a 7 Meter ënnert der Collectrice de Kanal duerchgebuert gëtt. Desweidere gëtt ee Schacht („de Visite") an eng Trap mat engem Gelänner fir bei dëse Schacht ze komme gebaut.

Dës Aarbechte sinn duerch eng Permission de voirie ofgedeckt an et ass ëmmer mäin Uleies fir esou Aarbechten op staark frequentéierte Stroossen an engem kuerzen Zäitraum ofzeschléisse fir de Verkéiersfloss esou wéineg wéi méiglech ze stéieren.